LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 13:16, 20/10/2020

Luxembourg, le 20 octobre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire n° 2856 du 18 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2856 du 18 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Sages-femmes".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2856 du 18 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Sages-femmes".

Betreffend d'Compositioun vum Gesondheetsdësch, ass et wichteg, op den Ursprong vun der Idee vun engem Gesondsheetsdësch hinzeweisen. D'Iddi ass drop zeréckzeféieren, dat ett no engem Blocage am Kader vun der Commission de nomenclature, et en Konsens gouf rondrëm eng nei Démarche fir iwwer déi grouss gesondheetspolitesch Froen ze diskutéieren, dat an enger erweiderter Constellatioun vun der Quadripartite.

Well et logistesch onméiglech ass, fir déi 22 Associatiounen vun Gesondheetsberuffer un een Dësch ze bréngen, ass beim Kick-off vum Gesondheetsdësch am Februar 2020 décidéiert ginn, dat déi am Kader vum ofgeännerten Gesetz vum 26. Mäerz 1992 reglementéiert Gesondheetsberuffer duerch den Conseil supérieur de certaines professions de santé (CSCPS) um Gesondheetsdësch vertrueden sinn. Dëse Conseil ass dat gesetzlech representatiivt Organ vun deene Beruffer. Als reglementéierten Gesondheetsberuff sinn d'Hiewammen deemno duerch den CSCPS um Gesondheetsdësch vertrueden.

Doriwwer eraus kann d'Associatioun vun den Hiewammen sech och weiderhin, wéi bis elo, zu all Moment un den Geshondheetsministère wenden fir hir Uleies virzebréngen.

D'Fachkompetenzen vun den Hiewanen sinn duerch eng Reform vun hieren Attributiounen iwwert den "règlement grand-ducal du 22 novembre 2019 déterminant le statut, les attributions et les règles de l'exercice de la profession de santé de sage-femme" gestäerkt ginn. Si kruten ënner anerem eng nei Attributioun betreffend den Suivi vun enger normaler Schwangerschaft.

Fakt ass, dass zu Lëtzebuerg keng „normes minimales" am Spidolsgesetz virgesinn sinn, dëst weder am Secteur hospitalier wéi am Secteur extrahospitalier. Dëst bréngt mat sech, dass an den Services gynécologique-obstériques an den Spideeler Gesondheetsberuffer (Infirmière, Aide-soignant) agestallt ginn fir an enger Equipe multiprofessionnelle ze schaffen. Dëst erméiglecht hinnen hiert Wëssen an der Prise en charge vun schwangeren Fraen an Mammen déi accouchéiert hunn mat afléissen ze loossen.

Et bestinn aktuell keng Données/Informatiounen déi beleeën dass dës Organisatioun an den verschiddenen Etablissementer an am Secteur extrahospitalier négativ Konsequenzen op déi betraffen Fraen hätt.

Déi allégéiert Ëmstänn vum Virfall, op deen den honorabelen Deputéierten sech berifft, sinn dem Gesondheetsministère nët bekannt.

Virum Hannergrond vun enger defavorabeler Démographie am Beräich vun den Gesondheetsberuffer an domat och vun den Hiewammen, ass et essentiell, d'Attraktivitéit vun deenen Beruffer ze stäerken fir, virun allem, déi jonk Leit ze motivéieren, eng Léier respektiv en Studium an deem Beräich ze machen.

An deem Sënn wäert den Gesondheetsministère och ab 2021 Promotiounscampagnen starten, fir eenzel Gesondheetsberuffer an ënner anerem de Beruff vun der Hiewamm, méi attraktiv fir d'Öffentlechkeet duerzestellen.